

# „Radio, ech hunn dech gär!“



Vic Fischbach

*Pseudemys scripta elegans*. Den Numm vu menger éischer Léift matzen an der Pubertéit: Rotwangenschmuckschildkröte! Ech war begeeschtert vu Reptilien, déi aus enger Zäit kommen, déi mir haut *Jurassic Parc* nennen. Iwwerliewenskënschtler. Mat Kollegen hunn ech deen een an deen anere Virtrag gehalen iwwer Deckelsmouken, Krokodiller, Eidechsen, a fir d'Saach ze professionaliséieren, goufen d'Texter op engem Telefunken-Tounband opgeholl. Méng éischt Erfahrung mam Audio.

Direkt no der Pubertéit, déi zweet Léift: d'Buch! Ech hunn drop an derwiddergelies, Däitsch, Franséisch, Englesch an heiansdo Italiensch. Natierlech wollt ech keng hallef Saache maachen, ma esou séier wéi méiglech e berühmte Schrëftsteller ginn. Ech hunn Texter geschriwwen an déi da – mat Musek ënnermoolt – opgeholl. Wat de Léo Ferré mam *Bateau ivre* konnt maachen, huet dach fir en nei gebuerent Genie missen e Kannerspill sinn! Während den Enregistrementer houng un der Schlofkummerdier d'Schëld: „Achtung! Sendung läuft!“ D'Mamm sollt sech ënnerstoën, a mäin Zëmmer ze komme fir ze stëbsen! Ech war all Kéiers frustréiert iwwer meng schappeng Texter an nach vill méi iwwer déi technesch Qualitéite vum Enregistrement; trotzdem: et war meng zweet Experienz mam Audio.

D'Liewen huet mech schliesslech op Paräis gefouert. Ech war begeeschtert vum Flair vun dëser Stad: alles war deemools am Denke méiglech, jo esouguer erwünscht; extrem *open-minded*! D'Fransouse goufen d'Gefill net lass, zu de grouse Gewënner nom Zweete Weltkrich ze gehéieren – obwuel si jo net op Yalta invitéiert gi waren –, et krut een nach iwwerall de leschten Hauch vum Mee 68 ze richen, an ech sinn Deeg a virun allem Nuechte laang duerch d'Paräisser Gaassen a Bistrot gezunn, ëmmer op der Sich no neiëm Fräiheitsdenken. Den Ënnerscheid tëscht der Paräisser Mentalitéit an där zu Lëtzebuerg war viru véierzeg Joer enorm, mä grouse Brudder, dee schon deemools an der Metropole gewonnen a geschafft huet, konnt vill zu menger perséinlecher Entwécklung bäidroen.

Elo hat ech et jo tatsächlech vergiess: ech goug op Paräis, fir Journalismus ze léieren, an der *École supérieure de Journalisme*, eng kleng Privatschoul, déi haut an där Form net méi méiglech wier: e puer honnert Studente souzen an engem ale muffege Sall, déi meescht mat der Flutsch am Bak, ënnert hinne vill Türken, allegueren, fir an der Heemecht laanscht de Militärdéngscht ze kommen. Frot mech net firwat, ma ech hat mech um Enn vun den Etuden als Krichskorrespondent gemellt, an d'*Agence France-Presse* hat mech tatsächlech selektionéiert fir an d'Gaza- an an

d'Jaffa-Sträif; ma e jonkt Meedchen huet mech iwwerzeegt, datt ech virum Eescht vum Liewe stoung: schaffe goen! Eppes richteges, eppes manner Onsécheres ewéi Krich spillen! Ma als wat? Als Journalist? Wouhinne an deem klenge Lëtzebuerg?

De Choix war séier gemaach! D'*Lëtzeburger Wort* war riets, ze vill riets, deemools am Minnefeld vun enger CSV, déi eng éischte Kéier nom Krich an der Opposition war. Mat Amenter hu sech Leitartikelen a Reportagen ewéi Stalinuergel unhéieren op d'DP-LSAP-Regierung! Eng Liga, an där ech net wollt matspillen. D'*Tageblatt* war och alles aneschters wéi onofhängeg: d'Meenungen goufen dacks virdiktiert vum Nofolger vum LAV a vun der LSAP. Déi zwou Zeitunge koumen also net a Fro: ech wollt fräi bleiwen. De *Journal* war als verlängerten Aarm vun der demokratescher Partei och keng Alternativ, grad esou wéineg wéi d'*Land*, d'*Revue* an den *Télécran*, déi Wocheneditioune sinn. Et blouf also just RTL!

Just? *Radio Lëtzebuerg* hat deemools eng Monopolpositioun, *Télé Lëtzebuerg* gouf et nëmme an Sonndeg Mëtten – viru *Bonanza* – an esou huet ee séier zu de klenge Staren an der Öffentlechkeet gehéiert. D'Echoen op meng éischt Prestatioune op Antenne hate mech iwwerrascht: knapps war ee fäerdeg mat sproochen, huet den Telefon gerabbelt, an et gouf een entweder

◀ Redaktionskonferenz (v.l.n.r.):  
Max Theis, Jean-Marc Sturm,  
Pit Everling, Guy Kaiser a  
Lynn Gaspar

Guy Kaiser,  
genannt „D'Artagnan“,  
am Studio an der  
Villa Louvigny



© Privatarchiv

Live aus de Koalitiounsverhandlungen 1994 am  
„Hotel Wellington“, also am Aarbechtsministär (v.l.n.r.):  
De Premier Jacques Santer, de Guy Kaiser, den  
LSAP-Verhandlungschef Jacques F. Poos an  
de Josy Lorent, Redakter vum „Luxemburger Wort“



gelueft oder et krut een de Scharriwarri  
geblosen, well ee vläicht de Message vun  
enger Pressekonferenz net richtig verstan-  
nen oder resuméiert hat. Mailen oder  
SMSen goufen et net, de Lëtzebuurger huet  
sech Zäit geholl, fir mat mir perséinlech ze  
schwätzen, deen een, fir mech fir meng  
däitlech Aussprooch ze felicitéieren, deen  
aneren – e Resistenzler – fir mech ze ver-  
nennen, well ech op Antenne vu Fernseh  
geschwat hat an net vun Televisioun. Et war  
fir mech eng weider Experiéenz mam Audio:  
de Radio geet an d'Ouer a provoziert beim  
Nolauschterer déi verschiddenst Iwwer-  
leeungen. De Radio ass *instantané*: et  
schwätzt ee mat dausende Leit – déi wéi-  
negst kennt een –, ma bei jidderengem vun  
hinne provoziert een eng Reaktioun.

D'Informatiounen op *Radio Lëtzebuerg*  
mussen zënter jeehier (Konzessiounsvertrag  
mam Staat) objektiv a politesch neutral  
sinn. Dat ass d'Stäerkt vun der Statioun.  
Ma trotz oder grad wéinst dëser Onofhän-  
gkeet ass de Radio en extrem politesche  
Medium: 200000 Leit lauschteren Dag fir  
Dag an der Woch de Programm; kee Won-  
ner, datt probéiert gëtt, politesch Messa-  
gen op *Radio Lëtzebuerg* transportéieren  
ze loossen, émsou méi, wou et vu moies  
fënnef bis owes siwen Neiegkeeten zu all  
hallwer Stonn ginn. Zanter 34 Joer sinn ech  
am Beruff dran – ofgesi vun engem Ent-  
leise vun zwee Joer bei der Bankenassocia-

tioun *ABBL* – an ech sinn et gewinnt, datt  
mir de Reproche gemaach kréien, mol ze  
no um lénken, mol ze no um rietse Bord ze  
stoen; wéi d'*LSAP* virun dräi Joerzénge  
an der Oppositioun war, huet si net gezéckt,  
op engem Kongress ze behapten, d'*RTL*-  
Journaliste kréichen um Enn vum Mount  
eng Enveloppe vun der *DP* zougestach!  
Vläicht ass dat grad dat beschten Zeeche  
vun der Neutralitéit.

Meng éischt Joren waren déi wéllst!  
Ech hat als Léiermeeschter aus der Chef-  
redaktioun d'Hären Roby Rauchs a Pilo  
Fonck, donieft esou bekannte Stëmmen  
wéi Michel Raus, Jean Wampach a Pierre  
Nilles. Wee Journalismus am Ausland geléiert  
huet, kennt e bësselchen vum Hand-  
wierk, weess awer guer näischt vun der  
Lëtzebuurger Aktualitéit. Dat huet seng  
puer Joer gedauert! Ech wollt awer och mäi  
Fräiheitsgedanken, vun deem ech zu Paräis  
infizéiert gi war, op Lëtzebuerg iwwerdroen  
an hat Emissiounen iwwer Droge gemaach  
an iwwer den Islam – den Iran war grad zu  
enger islamescher Republik ginn. A beson-  
nescher Erënnerung hunn ech zwou Table-  
ronden mat Homosexuellen: mat deenen  
Emissiounen hat ech den Toleranzgrad vun  
deene meeschte Lëtzebuurger deemools  
staark strapazéiert! Deputéiert hate parla-  
mentaresch Froe gestallt, de Staatsminister  
Pierre Werner huet am Parlament doriw-  
wer geschwat, an an de Stater Geschäfte

hunn d'Madämmercher sech d'Fro gestallt,  
ob ech da vläicht och déi „Krankheet“ hätt.  
Kee Verglach mat der Zäit vun haut, wou  
d'Ländchen gläich e puer Homosexueller  
an der Regierung huet. Eng Entwécklung,  
déi der Gesellschaft gutt deet, a wou ech  
houfereg sinn, datt *Radio Lëtzebuerg* konnt  
mat derzou bäidroen.

Eise Programm gëtt et ronderëm  
d'Auer, siwen Deeg op siwen. Eng véierzeg  
Männer a Fraen schaffe permanent un  
deem Produit, fir den Nolauschterer ze  
informéieren a grad esou ze ënnerhalen.  
Ech war duerch Zoufall an dës „Radioakti-  
vitéit“ eragequëtscht ginn, et sollt d'Leift  
vu mengem Liewe ginn: wann ech  
d'Noriichte geschwat hunn, hunn ech mir  
den Nolauschterer als klenge Männchen  
an d'Ouer gesat, fir esou mat der Audience  
a Kontakt ze stoen; meng gréisste Suerg  
war ëmmer, d'Neiegkeeten – dramate-  
scher, banaler, witzeger – esou eriwwer ze  
bréngen, datt den Normalstierflechen de  
Message kéint verstoen. Mam aarmséilege  
Vocabulaire vun eiser Sprooch bal ëmmer  
eng enorm Erausforderung! Beim  
Schreiwe vun dësen Zeilen gëtt mir nach  
méi bewosst, wéivill Chance ech beim Aus-  
wiele vu mengem Beruff hat: „Radio, ech  
hunn dech gär!“

Guy Kaiser